Session ordinaire 2020-2021

LS/SB/mma

P.V. BUR 01
P.V. CP 01
P.V. SASP 01

# Bureau

# Conférence des Présidents

# Commission de la Santé et des Sports

**Procès-verbal de la réunion du 14 octobre 2020**

Ordre du jour :

1. Informations sur la situation du Luxembourg face à la Covid-19
2. Compte rendu de la réunion

*

Présents :

M. Fernand Etgen, Président de la Chambre des Députés
M. Mars Di Bartolomeo, M. Claude Wiseler, Mme Djuna Bernard, Vice-Présidents

M. Georges Engel, Mme Josée Lorsché, Mme Martine Hansen, Mme Lydia Mutsch, M. Marc Spautz, M. Fernand Kartheiser, membres du Bureau

M. Gilles Baum, Mme Martine Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Georges Engel, M. Fernand Kartheiser, M. Marc Baum, membres de la Conférence des Présidents

M. Fernand Kartheiser, M. Marc Baum, M. Marc Goergen (remplaçant M. Sven Clement), observateurs de la Conférence des Présidents

M. Gilles Baum, M. Marc Baum, Mme Francine Closener, M. Mars Di Bartolomeo, M. Jeff Engelen, M. Gusty Graas, M. Jean-Marie Halsdorf, M. Marc Hansen, Mme Martine Hansen, Mme Cécile Hemmen, Mme Françoise Hetto-Gaasch, Mme Josée Lorsché, M. Georges Mischo, M. Marc Spautz, M. Claude Wiseler, M. Marc Goergen (remplaçant M. Sven Clement), M. André Bauler (remplaçant Mme Carole Hartmann), membres de la Commission de la Santé et des Sports

M. Marc Baum, observateur délégué de la Commission de la Santé et des Sports

M. Laurent Scheeck, Secrétaire général

Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé

M. Jean-Claude Schmit, Directeur de la Santé

Mme Sarah Brock, Mme Nadine Gautier, Mme Maria Mathieu, de l'Administration parlementaire

Excusés : M. Laurent Mosar, Mme Lydie Polfer, Mme Simone Beissel, membres du Bureau

M. Sven Clement, observateur de la Conférence des Présidents

Mme Nancy Arendt épouse Kemp, M. Sven Clement, Mme Chantal Gary, Mme Carole Hartmann, M. Claude Lamberty, membres de la Commission de la Santé et des Sports

M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'Etat

*

Présidence : M. Fernand Etgen, Président de la Chambre des Députés

*

## 1. Informations sur la situation du Luxembourg face à la Covid-19

En début de réunion, M. le Président propose à l'assistance de procéder de la même façon qu'avec les réunion jointes du Bureau et de la Conférence des Présidents qui concernaient l'état de crise et la situation de la pandémie et de faire élaborer un verbatim de la réunion.

Les membres du Bureau, de la Conférence des Présidents et de la Commission de la Santé et des Sports y marquent leur accord.

Mme Paulette Lenert, Ministre de la Santé, et M. Jean-Claude Schmit, Directeur de la Santé, font état de la situation du Luxembourg face à la pandémie de la Covid-19.

Il s'ensuit un échange de vues au cours duquel un huis clos est prononcé à 11h52 et à 12h01 et ce, à chaque reprise pour quelques secondes.

Pour le détail des interventions relatives à ce point, il convient de se référer au compte rendu figurant au point 2.

## 2. Compte rendu de la réunion

M. Fernand Etgen, Président.- Kolleeginnen a Kolleegen, ech menge mir kënnen ufänken. Ech begréissen Iech alleguer ganz häerzlech zu eiser Réunion jointe tëscht der Conférence des Présidents, dem Bureau vun der Chamber an der Gesondheetskommissioun, eng Reunioun, déi ugefrot ginn ass vun der CSV-Fraktioun. Well dës Reunioun an deem selwechte Format leeft, wéi dat am Fong virauser ëmmer de Fall war mat de Reuniounen, déi d'Regierung mam Bureau a mat der Conférence des Présidents haten, wäerte mer och fir dës Reunioun ee Verbatim maachen.

Ech wëll Iech just dorobber opmierksam maachen an datt u sech déi Reunioun net an engem einfache Procès-verbal festgehale gëtt. Ech mengen dës Reunioun huet als Objet, well d'CSV gefrot huet. Opgrond vun den héijen Infektiounszuelen, déi an d'Luucht gaange sinn, déi eis alleguer interpelléieren - de Premier huet gëschter gesot gehat - eis awer net schockéieren, ass et mengen ech awer wichteg, datt d'Chamber eng Reunioun mat der Regierung huet, fir eeben einfach den Detail ze wëssen, fir eeben hei deen Optimismus, deen awer de Premier gëschter hei wësse gedoen huet, fir ze kucken, ob dee berechtegt ass oder net.

A well d'CSV-Fraktioun dës Reunioun gefrot huet, géif ech fir d'éischt der Fraktiounspresidentin, dem Martine Hansen, d'Wuert ginn.

**Mme Martine Hansen** *(CSV).-* Merci, Här President. Fir d'éischt soen ech Merci, datt d'Versammlung nach konnt stattfannen. Ech wëll awer soen, datt ech extreem enttäuscht sinn, datt se net konnt éischter stattfannen, well dat hei ass fir eis awer een definitiv zimmlech denkbar schlechten Termin. Mir haten de Moie Budget, mir hunn de Mëtteg d'Debatten a kuerz dotëscht nach virun engem Point presse elo séier déi Sitzung hei ze maachen, dat fanne mer net ganz glécklech.

Fir eis stellt sech natierlech d'Fro: D'Zuele schnellen an d'Luucht an an de Länner ronderëm ginn nei Mesuren ergraff. Wat huet d'Regierung hei wëlles? Kommen nei Mesuren? Komme keng nei Mesuren? Mir hunn héieren, verschidden Onkloerheete sollen ausgebigelt ginn. Wéi eng Onkloerheete sinn dat? Wéini ginn déi ausgebigelt?

An dann eppes, wat eis awer nach ëmmer extreem interesséiert, dat ass wierklech - wëssend datt déi Statistiken u sech um Site vum Ministère sinn - mee wéi genau ass deen Tracing, wou d'Leit sech ustiechen? A kann een net do mat deenen Daten, déi een do huet, méi konkreet Mesuren ergräifen?

Eppes, wat ech awer och gefrot hat an enger Question parlementaire a wou ech einfach keng Äntwert kritt hunn - och dat fannen ech net grad déi fein Aart a Weis -, mir hate gefrot, iergendwann ass jo eng Kéier decidéiert ginn, datt d'Nonresidenten net méi géife mat an de Statistike berücksichtegt ginn, wat ech jo och verstinn, well mer doduerjer u sech vill méi séier dann eeben an déi kritesch Zuele kommen, mat deene Konsequenzen, déi mer ze spiere kritt hunn. Mir haten awer gefrot, fir déi trotzdeem matgedeelt ze kréien, fir datt mir hei intern awer kéinten eis e Bild maachen.

Ech hat déi Fro gestallt. Do ass iergendwéi e Link op iergendee Site komm. Ech hunn och do gekuckt. Ech hunn déi Zuel op jidde Fall net fonnt. An et war u sech relativ kloer formuléiert. Duerfir hätt ech am léifsten och eng kloer formuléiert Äntwert. Merci.

**M. Fernand Etgen,** *Président.-* Merci dem Martine Hansen. An ech géif direkt d'Wuert ginn un d'Gesondheetsministesch, ouni hir awer ausdrécklech Merci ze soen, datt se de Moien de Regierungsrot schwänzt, fir an d'Chamber ze kommen. An ech mengen deen demokratesche Reflex, dee verdéngt eis Unerkennung alleguer.

Mee fir d'alleréischt géif ech awer dem President vun der Santéskommissioun d'Wuert ginn.

**M. Mars Di Bartolomeo** *(LSAP).-* Merci villmools, Här President. A merci och Martine an de Kolleege vun der CSV. Hei kann ee soen « les grands esprits se rencontrent ».

Ech hat d'Santésministesch schonn e Sonndeg kontaktéiert, wou mer eis eens waren, fir esou schnell wéi méiglech d'Santéskommissioun zesummen ze ruffen. Et ass elo en anert Format zustane komm, wat och ganz gutt ass. Ech hunn och gefrot gehat, wéini dee beschten Zäitpunkt wär. An et ass net elo geduecht gewiescht, fir eng Verzögerungstaktik ze maachen. Mee opgrond vun deenen erhéichten Zuelen, haaptsächlech och iwwert de Weekend, war

d'Madamm Minister och der Meenung, dass een e bësse Recule brauch, fir déi Chifferen, déi spronghaft erëm gespronge sinn, fir déi ze analyséieren. Dat huet mir ageliicht a mir waren eis duerfir eens, dass mer et zu deem fréistméiglechsten Zäitpunkt sollte maachen, wann déi Analyse virleien. Dat just als Complément, dass mer déi selwecht Reaktioun iwwert de Weekend haten an dass ech et och selbstverständlech ganz gutt fannen, dass déi Formule vun haut mat der Conférence des Présidents a mam Bureau konnt stattfannen, well dat eng Formule war, déi sech an der Vergaangenheet ganz bewäert huet.

Voilà, dat just als Complément. Ech ginn d'Wuert zréck un de President.

**M. Fernand Etgen,** *Président.-* An ech ginn d'Wuert direkt weider un d'Madamm Ministesch.

**Mme Paulette Lenert,** *Ministre de la Santé.-* Merci, Här President. Jo, mir hunn u sech iwwert déi lescht Deeg dat gemaach, wat mer am August presentéiert hunn, wat eis Aarbechtsmethod ass, déi eng gewësse Systematik huet. Dat heescht mir huele Recullen, dann hu mer Indicateuren, déi mer eis ginn hunn. Déi hate mer och Mëtt August ganz transparent oppe geluecht virun der Press. An déi Indicateuren hu mer elo ausgewäert iwwert déi lescht Deeg. Ideal hätt een nach e puer Deeg Recule gehat. Dofir deet et mer leed, wann Enttäuschung do ass, dass et eréischt haut ass.

Realistesch méi fréi, hätt ech Iech kënnen ubidden ongeféier géint fënnef Auer de Moien. Dat ass ongeféier déi Zäit, wou mir fäerdeg waren. Mee virdrun hu mer dat net hikritt fir temps soit peu déi ganz rezent Chiffere wierklech dann elo esou auszewäerten un Hand vun deenen Indicateuren, déi mer eis ginn hunn, fir e Bild vun der Situatioun ze hunn an net einfach elo just ze kucke wat an deenen anere Länner leeft. Mir hunn eis eege Methodologie mat eegenen Indicateuren. An op deene schaffe mer. Dat ass dat, zu deem mer eis engagéiert hunn am August an et ass och dat, wat mer maachen.

Vläicht nach virop zu den Nonresidenten. Ech mengen ech hat et hei och scho bei enger oder anerer Geleeënheet gesot. Mir sinn an där Situatioun, wou mer scho länger Zäit eebe ganz normal eis Residentë just kommunikéieren op Bréissel. Mir hunn awer misse feststellen, dass all Kéiers, wa mer e Communiqué gemaach hunn oder op iergendenger Plaz, op engem Site déi Nonresidentë stoungen, dass dat emol virkomm ass, dass een déi fonnt huet an da bäigerechent huet, wat zu Konfusioune geféiert huet. Soudass mer um Niveau vun der Regierung decidéiert haten, och am Regierungsrot, mir géifen déi Chifferen net méi opbereeden an och net kommunikéieren.

Ech muss ganz éierlech soen, ech hunn déi dote Question parlementaire elo net virun An. Mee dat war eis Positioun dozou, am Sënn vum Land, dass mer dat elo géifen evitéieren, well dat ons eeben déi eng oder aner Kéier virkomm ass. Ech kann awer gären, wann dat wierklech de Wonsch ass vun der Chamber, an Dir iwwerhuelt déi Responsabilitéit, kann ech dee Chiffer gären nosichen an Iech deen hei soen. Mir musse just da wëssen, dass wann en erauskënnt, dass mer dee Risiko nees eeben iergendwou hunn, dass dee Chiffer wäert circuléieren.

Ech géif awer déi Question parlementaire, wann Der mer erlaabt, nokucken. Ech weess se net op Abruf wéi eng dass dat ass a vu wéi engem Link Der genau schwätzt.

**Mme Martine Hansen** *(CSV).-* Se ass d'lescht Woch beäntwert ginn oder dës Woch. Ech menge se ass dës Woch oder déi lescht Woch beäntwert ginn.

**Mme Paulette Lenert,** *Ministre de la Santé.-* Voilà. Mee da géif ech, wann Der erlaabt, de Point maachen. Oder?

**M. Fernand Etgen,** *Président.-* Jo.

**Mme Paulette Lenert,** *Ministre de la Santé.-* Ass dat de Werdegang elo? Jo.

Ma mir hunn, wa mer de Bilan vun der leschter Woch kucken - mir hunn deen elo e bësselche verfréit gezu gehat, fir en iwwert de Weekend ze analyséieren -, hu mer effektiv alarmant Zuelen. Mir hunn 806 Neiinfektiounen op d'Woch gekuckt, dat ass e Plus vu 47 %, och um Niveau vun de Kontakten, déi identifizéiert gi sinn, eng Hausse vu 50 %.

Mir sinn domadder ganz kloer op enger Moyenne lissée iwwer 14 Deeg gekuckt, déi eis an déi Paragë bréngt - wann een elo just d'Neiinfektioune kuckt - vun deene sougenannten Hotspotten oder vun deene Länner, déi wierklech elo op drastesch Mesuren iwwerginn. Dat ass richteg. Mee ech wéilt do direkt eng Kéier rappeléieren, dass eis Strategie, zu där mer eis eeben och ganz offen engagéiert hunn am August, doranner besteet, net just déi Neiinfektiounen ze kucken, mee dat ze relativiséieren an eis aner Indicateuren, déi Der alleguerte kennt, eeben och mat ze pilotéieren.

Dat ass engersäits d'Gescheeën an de Spideeler, also an eise Better. Well et ass dat, wat eiser Meenung no dat ausschlaggeebend ass. Dee ganzen Opwand ronderëm dee Virus hei, dee maache mer - dat däerf een net vergiessen -, well déi Krankheet fir déi Leit, déi eebe Komplikatioune kréien, dozou féiert, dass eise Gesondheetssystem iwwerstrapazéiert gëtt. Dat heescht, dat ass am Fong dat, wat fir eis am Wichtegsten ass, fir ze kucken: Wat deet sech do? Gëtt et geféierlech oder net?

Ech mengen, Dir hutt et och an der Press héieren, mir sinn elo am Moment op d'Phas 2 iwwergaangen, mir hunn dee Stufeplang jo an eise Spideeler, Phasen 1 an 2. Dat sinn déi Phasen, wou nach déi normal Aktivitéite ganz normal solle lafen. Et ass eréischt ab der Phas 3, wou mer a Reprogrammatioune wäerte goen. A mir sinn elo Stand eeben haut, ganz rezent eeben op der Schnëttstell, wou et elo vun der Phas 1 an d'Phas 2 iwwergaangen ass. Wann Der dat vergläicht elo zum Beispill - ech hunn nach gëschter gekuckt - mat Holland, wou jo elo ganz drastesch Mesurë komm sinn, do hu scho 75 % vun den normale Soins de santé missen agestallt ginn. Dat heescht, dat ass eng Situatioun, déi guer net vergläichbar ass, op alle Fall op deem dote ganz weesentlechen Indicateur dach.

Dann hu mer den Taux de positivité, dee mer kucken, deen natierlech och bei eis eropgaangen ass, awer net an déi alarmant Beräicher wéi an anere Länner. A mir hunn eise Kontakt mam Terrain, wéi mer dat nennen. Mir si jo reegelméisseg am Echange mat eise Laboen, mat den Dokteren. Mir hunn déi Sentinelle Covid ageféiert, wat ee Reseau ass vu Generalisten, déi eis reegelméisseg Feedback ginn. Och do krute mer gëschter - gëschter war dat? Ech hu keen Zäitverhältnis méi grad -, krute mer gëschter d'Informatioun, dass wuel méi Aktivitéit ass bei hinnen, awer näischt Verdächteges, dass elo méi Covidpluspatiente fonnt gi wären. Et si ganz vill Leit, déi erkaalt sinn. Dat belaascht natierlech dann eis Labocapacitéiten, well schnell muss erausfonnt ginn, ass et e Covid oder net. Mee Stand haut ass elo nach näischt Alarmantes, dass dat wierklech géif unzéien, dass verdächteg méi Covidpatienten do wieren.

Dat selwecht, deen aneren Indicateur, dee mer hunn, dat ass d'Geschehen an den Urgencen. Ech hat Iech dat erkläert. Dat ass fir eis e wichtegen Indicateur. Wann d'Leit bis wierklech akut krank ginn, da gesäit een dat an den Urgencen. Dat hu mer an der éischter Well ganz kloer gehat. Och do ass et nach am gréngе Beräich, nodeem wat mer konnten elo an Erfarung bréngen duerch den Echange, dee mer mat de Leit hunn, ass d'Aktivitéit awer nach net beonrouegend. Dat ass ee vun den Indicateuren, déi mer och huelen, fir gegeebenenfalls eis Centres de consultation Covid opzemaachen.

Dat heescht, mir hunn dat elo evaluéiert. Mir sinn zur Konklusioun komm: Stand haut ass kee Grond déi Centren opzemaachen. Et ass just eng alarmant Situatioun. Selbstverständlech kann een déi absolutt net klengrieden. Déi Zuelen, déi mer hunn, musse mer erofkréien. Mir kënnen op där doter Linn net iwwer länger Zäit fonctionéieren. Mee Stand haut si mer op alle

Fall zur Konklusioun komm, dass weeder e Centre de consultation soll opgoen, nach dass mer generell an enger Situatioun sinn, déi scho bedrolech wär vun der Prise en charge.

Mat deenen aneren Indicateuren, déi mer hunn, elo generell zum Covid, ass nieft den Infektiounen den Taux de positivité, d'Spideeler, also d'Gescheeën am Secteur, natierlech och den Testing an den Tracing, eppes wat mer ganz genau am An hunn.

Ech géif vläicht fir d'éischt vum Teste schwätzen. Do hutt Der sécherlech matkritt, dass ganz vill Andrang war iwwert déi lescht Wochen. Dat hu mer analyséiert. Mir sinn do a ganz reegelméissegem Kontakt mat de Laboen, fir ze verstoe wourun dat läit. Eppes wat mer gesinn hunn, dat ass, dass eng Tendenz ass, doduerch dass d'Leit veronséchert sinn. Et sinn nach ganz vill Leit, déi awer ouni Ordonnancen en Test gemaach hunn. Dat ass eppes, wat mir net recommandéieren. Mir hunn dat och nach eng Kéier schrëftlech esou de Laboe matgedeelt.

Et ass extreem wichteg fir eis, dass eis Recommandatiounen do suivéiert ginn. Allerdéngs hu mer do, Stand haut, net wierklech eng Main mise op d'Laboratoiren. Mir kënne just hoffen, dass dat fruchtet an dass d'Leit erkläert kréien, wisou se eigentlech just sollen op Ordonnance getest ginn, well dat déi ganz Programmatioun op d'Kopp kéiert. D'Prioritéit soll wierklech si fir déi Leit, déi Symptomer hunn, déi eebe bei den Dokter ginn, well se iergendwou verdächteg Symptomer hunn, déi berechtegen, dass een test, ob dat dann elo eng normal Erkältung ass oder eebe Covid respektiv eise Large-Scale-Testing, dee, wéi mer alleguerte wëssen, jo just een Echantillon beträfft. Ech mengen do ass jo d'Iddi net, dass jidderee ka froe getest ze ginn, mee d'Iddi ass, dass d'Leit eng Invitatioun kréien, dass se dat suivéieren.

Wat hu mer awer zousätzlech? Mer hunn an deem Sënn gutt Nouvellen. Mir hunn haut de Moien am Regierungsrot - wou ech trotzdeem war, net elo bis ganz zum Schluss, awer laang genuch, fir meng Punkten duerchzekréien -, mir hunn e Règlement grand-ducal d'urgence haut ugeholl, fir d'Schnelltester kënnen an den Asaz ze bréngen. Et ass elo esou wäit, dass mer déi wierklech kënnen hei zu Lëtzebuerg benotzen. Duerfir hu mer missen e Règlement grand-ducal elo ofänneren. Dat ass e Règlement grand-ducal vun 2018, dee mer schonn deemools geholl haten, och am Kontext vu Schnelltester.

Den Dokter Schmit kann dat herno nach vläicht erläuteren, wann Der Froen hutt, wou mer einfach d'Lëscht vun deene Schnelltester hu missen erweideren, well de Covidschnelltest do net opgelëscht war. Dee Reglement ass elo do an deemno hu mer effektiv elo en Zousazmoyen, deen awer reservéiert bleift fir d'Medezinn, also fir wierklech d'Fachpersonal, déi déi kënne verofreechen. Dat muss e gewëssenen Encadrement hunn. Mee dee wäert beispillsweis ganz nëtzlech sinn eeben am Kontext vun de Grippen an allem wat elo den Hierscht wäert kommen, fir ganz schnell kënne kloerzestellen, ob et eng normal Erkältung ass, eng normal Grippe ass oder ee Covid eeben.

Da si mer och amgaangen no enger Léisung ze sichen, ob mer nach kënnen en zousätzlechen Drive-In maache fir Leit mat Ordonnance, well ganz vill Leit sech trotzdeem bei den Zelter vum Large-Scale-Testing weisen, ouni dass se eng deementspriechend Invitatioun hunn. Do sinn ech och zouverlässeg, dass mer an der nächster Woch eng Solutioun nach fannen, fir wierklech e Genre Drive-In opzemaachen, wou een da mat der Ordonnance kann higoen.

Voilà! Wat hu mer soss? D'Indicateuren hunn ech duerch. Bon, wat ganz wichteg ass, dat ass, dass eis Recommandatiounen och virun allem respektéiert ginn. Mir wäerte wierklech verstäerkt elo d'nächst Woch erausgoe mat Kommunikatioun. Ech mengen e Gesetz ass eng Saach. D'Santé huet och Recommandatiounen, datt mer elo méi wéi jee wierklech och déi Recommandatioune respektéieren.

Dat heescht - am Kloertext, och wann d'Gesetz zouléisst, dass ech elo mëttes an owes géif zu zéng an de Restaurant goen, ass et wierklech net dat, wat am Moment ubruecht ass. An

dat wier och mäin Appell un Iech alleguerten. Ech menge mir sinn alleguerten - all déi, déi iergendwou an der Verantwortung sinn, mengen ech och - gefuerdert am Moment, deen dote Message och un d'Leit weider ze ginn.

D'Zuele sinn alarméierend, dat ass richteg. Mir hunn et am Grëff haut nach. A wa mer wierklech wëllen evitéieren, dass mer an esou eng Lag komme wéi déi aner Länner, wou ee wierklech muss op ganz drastesch Mesuren eriwwer goen - well ganz vill Choix vun Nuancen huet een net, wann et aus dem Rudder geet -, da musse mer déi Zuele wierklech an deenen nächsten zwou Wochen och nees erofkréien, wéi mer dat schonn eng Kéier hikritt hunn.

Ech wëll drun erënneren, dass mer dat am Summer hikritt hunn. Do ass et och onerwaart an d'Luucht gaangen. An doduerch dass et thematiséiert ginn ass, mengen ech hu mer et fäerdegbruecht an eisem Land dach awer ganz schnell de Leit iergendwou verständlech ze maachen, dass et net de Moment ass, fir ze relachéieren, dass et net just eng kleng Grippette ass, mee dass et eppes ass, wou mer wierklech elo musse seriö huelen. An deem Sënn sinn ech och relativ konsequent. Ech menge mir sinn net a Panik, wa mer déi Zuele gesinn. Dat huet all Mënsch eis virausgesot, dass den Hierscht schwiereg wäert ginn. Elo ass den Hierscht do an en ass schwiereg. Ech mengen et muss een alarméiert sinn, dat ass richteg, mee grouss erstaunt däerft wuel kee vun eis sinn, dass elo am Hierscht effektiv d'Zuelen eropginn.

Fir den Nettoyage vum Text. Dat wäerte mer den nächste Méindeg proposéieren. Dat ass awer näischt Grondsätzleches, wou mer elo géife méi streng oder méi soft ginn. Mee, wéi gesot, haut ass haut a mir evaluéieren déi Situatioun hei dagdeeglech. Natierlech wäerte mer Enn der Woch nach eng Kéier de Bilan maache wéi et do ausgesäit. Et ass op enger Schinn, op enger - wéi nennt een dat? - enger „courbe ascendente“, déi wierklech net berouegend ass am Moment. Mee fir op den Nettoyage zréckzekommen, deen ugeschwat ginn ass, dat si wierklech Klengegkeeten. Do wäerte mer „le moment venu“ bei Iech kommen. Et geet am Fong geholl drëm, fir déi Erfarungen, déi Froen, déi d'Leit sech gestallt hunn, wou Saache vläicht mëssverständlech ware ronderëm d'Rassemblementer an esou weider, dass een do mat méi engem kloren Text kënnt. Mee dat gëtt awer keng grondsätzlech Ännerung vun de Mesuren. Et geet am Fong drëm, eventuell Ambiguitéiten, déi d'Praxis gewisen huet an déi mer och dann evaluéiert hunn iwwert déi Méint an iwwert de Summer, fir déi auszebigelen am Sënn, fir och méi einfach kënnen ze kommunikéieren.

Voilà! Dat wär et vu menger Säit. Hunn ech iergendeppes Weesentleches vergiess? Ech mengen net. A dach, vläicht nach just d'Altersmoyenne. Also effektiv an dem Segment tëschent 15 an 29, dat ass wierklech déi Alterskategorie, wou et duebel esou vill Infektioune gëtt wéi an deenen anere Kategorien. Gläichzäiteg gesi mer elo iwwert déi lescht Deeg, dass d'Altersmoyenne och ufänkt eropzegoen. Also et mierkt ee schonn, dass wann de Virus wierklech erëm zirkuléiert, dass dat awer dann op eemol iwwerall iwwergeet. Also et ass wierklech net fir d'Situatioun kleng ze rieden.

An d'Décèsen, vläicht och déi Informatioun nach. Mir haten effektiv eng rezent Hausse an den Décèsen. Op der Courbe mécht dat ëmmer zu Lëtzebuerg direkt e groussen Effet. Et sinn allerdéngs Leit, déi Komorbiditéiten haten an och ee gewëssenen Alter. Ech mengen d'Altersmoyenne vun deene sechs Leschte läit bei 82 mat enger Persoun och, déi iwwer 90 war. Also dat sinn elo keng jonk Leit gewiescht, dat ware wierklech eeler Persoune mat Komorbiditéiten. Voilà!

**M. Fernand Etgen,** *Président.-* Merci villmools, der Gesondheetsministesch fir déi Prezisiounen. Ech mengen do waren all Äntwerte bal dran, wou Froe gestallt waren. Mee eng Fro huet direkt nach de Jeff Engelen. Duerno de Claude Wiseler an duerno de Marc Goergen.

**M. Jeff Engelen** *(ADR).-* Merci, Madamm Minister, fir d'Explikatiounen. Ech hätt awer nach e bësse méi eng Detailfro. Déi lescht Zäit si jo d'Infektiounen, d'Neiinfektiounen ëm 50 %

eropgaangen an ech mengen et wär awer wichteg, menger Meenung no, un der Kommissioun ze wëssen, wou déi hierkommen, op wat fir enger Basis dat ass.

Wann ech am Ausland kucken, zum Beispill an Däitschland, do gëtt da pro Stad oder pro Regioun drop reagéiert. An hei am Land wär et awer wichteg, wann och, menger Meenung no, dat ass elo eng aner Saach, wann d'Kommissioun awer wéisst, wou déi Hotspotte léichen, wou déi Infektiounen am Fong geholl hierkommen. Ech mengen dat wier wichteg. Well deemno wou se hierkommen a wéi se hierkommen, misste mer vläicht nach um Gesetz eppes änneren, wat ech jo elo net weess. Dat schéngt mer awer eng weesentlech Fro an dëser Saach ze sinn.

An nach eng zweet Fro: De Large-Scale-Testing ass jo och nach am lafen. Do wier et jo wichteg, wat do eraufonnt gëtt a wat privat erausfonnt gouf. Mee menger Meenung no, huet dat och eng Influenz vun deem Large-Scale-Testing, do misste jo och Analyse gezu ginn elo de Moment, net a véier, fënnef Joer wa se op d'Uni ginn. Ech mengen dann ass et ze spéit, dat wësse mer all. Mee ech mengen, et wier awer och wichteg: Kann een do e Lien maachen tëschent dem Large-Scale-Testing an den Infektiounen? Ech mengen dat wieren am Fong geholl emol déi éischt zwou Froen, déi ech ze stellen hätt. Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen,** *Président.-* Da wier et um Claude Wiseler. Ech menge mir géifen e puer Froe regroupéieren.

**M. Claude Wiseler** *(CSV).-* Jo, merci, Här President. Ech wollt am Fong deelweis déi selwecht stelle wéi virdrun. Well wichteg ass einfach ze wëssen, wou déi Ustiechunge waren, fir politesch ze reagéieren. Dat hu mer schonn ëfters gefrot. Ech ka mer virstellen, datt et net evident ass et festzestellen, mee et ass awer d'Basis vun deenen Informatiounen, déi eis hëllefen, d'Politikgestaltung ze maachen.

Mir sinn effektiv net erstaunt, datt d'Zuelen an d'Luucht ginn. Effektiv ass et ëmmer gesot ginn. D'Ministesch sot: Mir hu se am August zréckkritt. Ech mengen zwar, datt mer se am August zréckkritt hunn, well August war a well d'soziaalt Liewen automatesch zréckgestuuft ginn ass. Dat ass awer elo net méi de Fall. D'soziaalt Liewe fänkt erëm massiv un. An ech mengen, datt ouni zolidd Moossnamen, contrairement zu deem, wat am August geschitt war, mer riskéieren awer relativ kuerzfristeg an änlech Situatiounen ze komme wéi eis Nopeschlänner. Dofir ass fir mech nach ëmmer déi politesch Fro, ob een dat awer net preventiv soll verhandelen, an déi Moossname wéi d'Maskenobligatiounen an Änleches, déi am Ausland quasiment iwwerall ronderëm geholl ginn, och zumindest op enger gewëssener Form hei zu Lëtzebuerg soll sech prett maachen, fir dat och anzeféieren.

Dann ass meng Fro: Wéi ass et mat dem Tracing an dem - ech froen elo näischt iwwert d'Tracing-App -, ech froen am Fong iwwert d'Capacitéite vum Tracing? Ma sinn awer verschidden Deeg jo bei 200 Infektioune gewiescht. Packt Der dat nach? Wou sidd Der drun? A wéi steet et mat Äre Capacitéiten?

Dann ass meng Fro beim Covid-Drive-In, deen Der wëllt opmaache fir déi, déi eng Ordonnance hunn. Do wëll ech soen, dat fannen ech wierklech eng richteg gutt Iddi, well do mierkt een um Terrain, datt enorm Schwieregkeete sinn, fir bäizekommen. An déi Separatioun, wat jo am Fong geholl quasiment trotzdeem eng fiktiv ass zwëschent dem wëssenschaftleche Large-Scale-Testing an deem aneren, enfin, si ass net ganz ... Ech verstinn den Ënnerscheed, mee fir d'Leit ass et ganz schwéier, fir ze soen, ech si krank an ech muss waarden, ier ech en Test kréien oder ech kréien net direkt een. An déi Leit, déi am Fong näischt hunn, déi an dee Large-Scale-Testing ginn, déi kommen direkt bäi. Dat ass kompliziéiert fir d'Leit ze verstoen an ze akzeptéieren. Dofir wollt ech et am Fong soen, datt ech et eng gutt Iddi fannen. An ech verstinn net, wou Schwieregkeeten elo kënne kommen, fir dat ze maachen. Ech géif wierklech do encouragéieren esou schnell wéi méiglech esou eng Struktur opzemaachen. Dat géif op jidde Fall, mengen ech, dankbar dobaussen opgeholl ginn.

An dann ass meng lescht Fro, dat ass éischter eng europäesch. Dat ass déi mat deem Ampelsystem, wat agefouert gëtt oder soll ginn oder diskutéiert ginn ass op europäeschen Niveau, fir d'Astufung vun deenen eenzelne Regiounen ze maachen. Do gëtt mir gesot, datt Lëtzebuerg an Éisträich relativ staark dogéint gewiescht wären. Dat sinn awer nëmme Saachen, déi ech esou ronderëm héieren. Ech wollt do wëssen, wat dann eis Positioun effektiv ass a firwat se esou ass wéi se ass. Et ass net onwichteg fir déi, déi sech ëm Aussepolitik och nach am Nieweberuff bekëmmeren, ze wëssen, wéi d'Lëtzebuerger Regierung do reagéiert. Merci.

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Merci, Claude. An ech ginn d'Wuert direkt un de Marc Goergen.

**M. Marc Goergen** *(Piraten).*- Merci. Ech hunn e puer Froen an eng kleng Bemierkung.

Fir d'éischt emol merci fir alleguerten déi Erklärungen, well do war schonn esou munch wichteg Informatioun mat dran. Dat Éischt betrëfft déi schwanger Fraen. Et ass esou, ech hat do eng ganz interessant Diskussioun d'lescht Woch mat engem Dokter virun allem par rapport zur Educatioun. Do ass et jo esou, dass virun allem am Precoce keng Maske kënnen ugedoe ginn. Et ass awer elo esou, dass d'aktuell Lag jo ass, dass wann eng Fra schwanger ass, de Coronavirus net direkt op d'Kand kann iwwersprangen et awer zu enger Komplikatioun an der Schwangerschaft kéint féieren. Wéi ass do Är Positioun? Ass do eppes geduecht, fir de schwangere Fraen och vläicht eng Méiglechkeet ze ginn, dass déi kënnen dann doheem bleiwen a sech net dem Risiko aussetzen. Wéi ass do déi eenzel Positioun?

Zu dem Labo, Dir hutt et elo schonn ugeschwat. Et ass esou - effektiv dat ass mer elo och all Kéiers moies, wann ech heihinner gefuer sinn, opgefall -, se sti bis ëm den Eck duerch d'ganzt Duerf quasi fir an de Labo. Dofir ass et wierklech ze begréissen, dass Der elo op déi Drive-In-Solutioun gitt.

An dann zur Bemierkung. Ech war elo selwer an de Large-Scale, net fir d'éischt, mee dës Kéier ass et mer opgefall - et ass wierklech eng Bemierkung, wou Der kéint um klengen Déngschtwee vläicht mathuelen -, do sti Leit an Zelter, wou weeder ronderëm iergendeppes ofgedicht ass nach soss eppes, mat engem Stull. An e Méindeg huet et wierklech gereent. Ech hat wierklech Matleed mat deene Leit. Wann Der do an der Soustraitance déi Bemierkung kéint matginn, dass déi Leit vläicht do besser geschützt ginn, virun allem wann Der den Drive-In wëllt opmaachen.

Dann, et si vill Veräiner, déi am Moment sech d'Fro stellen, wéi et mat de Chrëschtmäert ass. Bei eis an der Gemeng wëllen d'Veräiner deen elo organiséieren. Wéi ass et do mat Zelter, mat...? Et si jo awer vill Leit, déi do am Zelt zesummekommen. Dir hat elo d'Bemierkung gemaach, fir net onbedéngt zu zéng owes an de Restaurant ze goen. Et sinn awer elo och nach Theemenowender, wou da Räim si mat zwar all Kéiers zu zéng op engem Dësch, mee awer 40, 50 Leit an engem Raum. Wéi ass dat ze gesinn, fir de Veräiner do d'Recommandatioun ze ginn?

An dann zur leschter Fro: Wéi ass et mat der Chrëschtvakanz? Do ass et jo esou, dass fir Chrëschtdag d'Familljen alleguerte wäerten zesummekommen. A wa mer elo wëssen, dass do d'Infektiounsfeld zimmlech héich ass an da komme mer och nach eng Kéier op Sylvester, wou dat Ganzt vläicht sech nach eng Kéier kéint verbreeden. Et gëtt am Ausland jo déi Diskussioun, fir d'Schoulvakanz dann iwwert d'Quarantänzäit ze erweideren, soudass een do de Risiko géif miniméieren. Gouf doriwwer schonn nogeduecht? Merci.

**M. Fernand Etgen,** *Président.-* Merci, Marc. Ech mengen ech géif d'Wuert elo mol zréckginn un d'Gesondheetsministesch. An engem nächste Jet huele mer dann de Gusty Graas, de Marc Hansen, de Marc Baum an de Jean-Marie Halsdorf. Madamm Ministesch.

**Mme Paulette Lenert,** *Ministre de la Santé.-* Jo, merci, soss gëtt et e bësselche vill, fir den Iwwerbléck ze behalen.

Chrëschtdag, géif ech virop vläicht soen, dat ass wierklech nach wäit ewech. Ech mengen an dëser Zäit, wann ee gesäit, wat am Moment ronderëm eis leeft, mengen ech, wäerte mer eis nach ëfters hei erëmgesinn, ier Chrëschtdag ass, fir ze kucken, wat ubruecht ass.

A justement och - ech fänken elo hannen u mat de Froen -, mee déi Fro mat de Chrëschtmäert an esou weider. Mir sinn domadder vill befaasst an dofir wäerte mer justement d'nächst Woch, Ufank nächster Woch wierklech Propose maachen, fir den Text e bëssen ze ajustéieren, fir dass e justement déi dote Froe besser beäntwert. Den Text beäntwert et am Moment, mee et ass schwiereg, well een ëmmer tëschent zwee Artikelen ass. An dat ass am Fong Objet dovunner.  Dofir géif ech proposéieren, haut elo net méi dorobber anzegoen. Mir hunn ons do eng Rei Gedanke gemaach. Mee et ass justement fir déi dote Froen - mir ginn natierlech och mat deene konfrontéiert -, fir do méi eng einfach a kloer Textléisung stoen ze hunn, wou een net muss iwwer dräi Ecker interpretéiere goen.

Da vläicht zu den Ursaachen. Do géif ech verweisen op dat, wat Der all Woch ëmmer als Informatioun vun eis kritt. Mir maache jo all Woch de Bilan mat eise Servicer, wat déi Haaptcausë sinn. Ech hat se elo virdrun effektiv net gesot, well se eigentlech konstant sinn. Et fënnt een ëmmer dat selwecht Muster erëm. Also wierklech déi haaptattribuabel Cause ass nun eebe mol de private Kontext, wat einfach evident ass. Et ass do, wou een am Privaten eeben ouni Distanz vläicht doheem zesummen ass, wou ee sech evidenterweis och am meeschten ustécht.

D'Wuert Voyagen ass e bëssen zréckgaangen. Déi hate mer jo e bësse méi héich bei de Retour-de-vacancen. Mee fir de Rescht ass et och nach ëmmer esou, dass eng ronn 40 % eeben net kloer attribuabel sinn. Well d'Leit, wann ee mat hinnen déi Deeg duerchgeet, wou se eventuell eebe sech infizéiert hunn, si méi wéi eng Situatiounen hunn, déi et kënne sinn. An da kann een dat net wierklech einfach esou arbiträr zouuerdnen.

An ech mengen ech hat Iech dat och schonn erkläert, mir si bei deem Modell bliwwen, dass mer all Woch eeben... Mir hunn d'Chance, dass mer hei e ganz direkte Kontakt zu eiser Verwaltung hunn. Mir kënnen et mat hinnen ofschwätzen, duerch de Service goen, da kritt ee wierklech eng global Impressioun. Déi deele mer och mat der Ëffentlechkeet an och mat Iech. Mee dat ass awer keng wëssenschaftlech statistesch Erhiewung. Ech menge mir waren zu där Konklusioun scho komm, wou mer fir d'lescht hei zesummen eis echangéiert hunn, dass dat och net machbar ass. Mir hunn dat probéiert, mee dat ass müsseg, dat kritt een net no enger wëssenschaftlech propperer Method zougeuerdnet, well et eebe Gespréicher sinn, am Fong och confidentiel Gespréicher tëschent dem Dokter an deemjéinegen, deen een eeben op der Strëpp huet. An dann ass et eng Aschätzung, eng Probabilitéitsgeschicht, wou ee verschidde Saache kloer ageuerdnet kritt an anerer net. Wéi gesot, dat, wat mer do entgéinthuelen, deele mer gären, mee méi granular wéi dat, wat Der all Woch vun ons kritt, kënne mer dat net ginn.

Dat selwecht och: Wou ass et, wou d'Leit sech ustiechen. Ech mengen déi Fro hate mer och schonn. Mir si bei där kantonaler Kaart bliwwen, déi Der all Woch geschéckt kritt, wa se geupdate ass. Méi reng wäerte mer dat och hei net ginn. A wann Der dat vergläicht mam Ausland an a Verhältnis setzt zur Gréisst, mengen ech si mer do och gutt vun der Granularitéit. Drënner géif dat wierklech ech mengen e bësse stigmatisant ginn, wann een op d'Gemenge géif erofbriechen.

Selbstverständlech an eisem Maschentest adaptéiere mer dat permanent. Wa geographesch, wann ee gesäit, dass iergendwou de Virus méi present ass, da verschäerfe mer d'Maschen an deem Territoire. Wann an engem Betrib e Problem ass, an engem Altersheim, da gi mer era mat eise mobillen Ekippen a mir teste flächendeckend. Dat si Saachen, déi mer am Alldag maachen. Dat gehéiert zu der Teststrategie, wéi mer se am Summer virgestallt hunn, wou mer eebe justement déi Capacitéite ganz flexibel a ganz schnell kënnen asetzen, fir wann iergendwou eppes ass, wat mer identifizéieren, lokaliséieren, da gi mer wierklech dohinner an da gëtt op där Plaz ganz massiv eeben duerchgetest. Dat sinn déi Saachen, déi mer do maachen.

Fir de Rescht: Wat ass d'Opdeelung, Large-Scale-Testing / Ordonnance? Dat ergëtt sech eigentlech och aus dem Relevé, deen Der all Woch kritt. Dës Woch si 47 % vun de positive Fäll iwwer Ordonnance komm. Dat heescht am Kloertext sinn dat Leit, déi mat Symptomer dach awer bei hiren Dokter gaange sinn. An am Large-Scale-Testing mécht dat der am ëmgedréinte 96 vun 806 aus. Ech hunn elo mäi Täscherechner net aktivéiert, mee do gesitt Der ongeféier d'Proportioun dovunner.

Zu de Masken. Also mir si selbstverständlech och amgaangen eis ze preparéieren. Mir sinn amgaangen all déi Mesuren, déi elo hott an har kommen, déi net wierklech schrecklech alignéiert sinn an deenen eenzelne Länner, genauestens ze analyséieren, fir eis och eng Meenung dozou ze maachen.

Vill Länner féieren elo e Genre vu Maskeflicht an, déi mir souwisou schonn hunn. Also dat si mer natierlech amgaangen ze kucken, fir gegeebenenfalls, wann et eropgeet, prett ze sinn an eppes Seriöes och ze proposéieren, wou mer dohannert kënne stoen. Et ass net, dass mer elo ofwaarde bis mer bei der Mauer sinn. Dat si genau déi Aarbechten, déi eis am Moment eebe beschäftegen, fir ze kucke wat sech deet, wat déi aner Länner och esou en place setzen, wat mir en place hunn a wat ee sech eebe kéint virstellen ze maachen. Wéi gesot, Stand haut, si mer zur Konklusioun komm, dass mer net musse schäerfen.

D'Capacitéit vum Tracing hat de Claude gefrot, mengen ech. Jo, dat war sportlech ginn. Mir hunn et awer an de Grëff kritt. An ech si ganz frou, mir hunn elo effektiv en Accord fonnt, och gëschter mam François Bausch, fir d'Arméi kënne gegeebenenfalls mat anzeschalten. Wat heescht dat konkreet? Mir hunn eng Ekipp vun hinne souwisou kontinuéierlech dobäi am Tracing, fir ze verstäerken. A mer hunn awer och elo e Genre Taskforce identifizéiert vun enger 30 Leit, déi mer ausbilden, déi wierklech da kënne vun haut op muer kommen, déi wierklech direkt asazbereet sinn.

Fir de Rescht hu mer och souwisou e Stufeplang ronderëm eist Personal. Mee et ass eis wichteg, dass mer effektiv e puer wierklech fix Ekippen, déi déi als Ekipp kënnen erakommen, ofruffen. Wann eng Kéier d'Situatioun kënnt, dass eeben effektiv vun haut op muer e puer honnert Fäll méi sinn, ass et ganz wichteg, dass mer schnell sinn. Duerfir si mer amgaangen, jo, sou eng zwee, dräi, véier esou Poolen opzesetzen, dont notamment eeben och verstäerkt elo mat der Arméi, wat eis eng gewëssen Assurance gëtt an deem Sënn.

Den Drive-In. Sécherlech esou ganz ouni Schwieregkeeten ass et net. Ech mengen ech hunn Iech erkläert, mir testen hei zu Lëtzebuerg méi wéi iergend e Land. Mir hunn eng extreem héich Capacitéit oder extreem vill Tester. An dat ass immens personalintensiv. An de Bottleneck bei deem Ganzen ass ëmmer erëm d'Personal. D'Laboe si maximal gefuerdert. Et gëtt jo och net just de Covid, dee muss behandelt ginn. Et sinn och aner Aktivitéiten, déi lafen an de Laboen. An ech mengen Dir wësst et selwer, mir si relativ exigent, mir loosse kee Prelevementer maachen, deen net bei eis wierklech och zougelooss ass, fir déi Akten ze setzen. Dat ass eis ganz wichteg. Mee natierlech beschränkt ee sech och indirekt domadder.

Mir hu scho Leit, déi vu ganz wäit hier kommen, aus Südfrankräich, vu Gott weess wou iwwerall, déi hei am Asaz sinn. Et ass net esou einfach déi Testcapacitéite vun de Ressource-humainen ouni Weideres eropzefueren. Et ass wéi bei villem effektiv méi eng Fro vu Ressource humaine wéi elo vu Capacitéiten. Am Ufank hate mer wierklech d'Material wat gefeelt huet. Mee elo si mer amgaangen eeben - dofir brauch dat och nach e puer Deeg -, mer musse wierklech kucken, wie ka wéi eng Leit fräischalte fir an esou en Drive-In.

Nach eng Kéier den Ënnerscheed: De Large-Scale-Testing, éischtens, gëtt do mat Pooling geschafft, dat ass Depistage, et ass net Diagnos, et ass schonn en Ënnerscheed. Dofir mësche mer dat och net ganz gären. A si fueren och mat hirem Rendez-vous-System, deen awer entre-temps gutt arodéiert ass. Dofir siche mer wierklech fir deen Drive-In, fir d'Ordonnancen eppes Separates ze maachen. Ech mengen, dass dat méi einfach ass vun der Gestioun. Mee d'Fro ass: Wéi maache mer et? Wéi eng Leit kréie mer dohinner?

**M. Claude Wiseler** *(CSV).-* Kann ech just froen? Wann ech elo richteg verstanen hunn, beim Large-Scale-Testing fuere mer mam Pooling nach ëmmer vu véier oder wat dat …

**Mme Paulette Lenert,** *Ministre de la Santé.-* Jo.

**M. Claude Wiseler** *(CSV).-* A bei deenen aneren ass individuell testen, do gëtt kee Pooling gemaach?

**Mme Paulette Lenert,** *Ministre de la Santé.-* Jo.

**M. Claude Wiseler** *(CSV).-* Okay.

**Mme Paulette Lenert,** *Ministre de la Santé.-* Et ass och eng Méiglechkeet, wann et elo wierklech nach op dat eriwwergeet. Mee Stand haut, kucke mer dat wierklech esou wäit wéi méiglech eeben ouni Pooling an der Diagnos ze maachen, well dat awer méi Sécherheet gëtt am Absolutte wéi dat anert.

Da fir den Ampelsystem. Jo, den Ampelsystem, do kann ee soen, dass mir dat u sech ugestouss hunn. Mir ware jo mat deenen éischte Länner, déi wierklech staark dofir plädéiert hunn, fir vill méi nuancéiert virzegoen, fir méi Krittären ze kucken.

Den Ampelsystem, wéi en elo recommandéiert gëtt, - dat ass eng Recommandatioun, déi gëschter festgehale ginn ass -, hëlt zwee Krittären. Dat ass d'Zuel un Infektiounen an esou enger Aart Stufesystem an den Taux de positivité. A mir hunn ons ganz staark dofir agesat, dass een donieft onbedéngt och misst en An hunn op den Taux d'occupation vun de Better an de Spideeler, vun den Intensivbetter. An dat anert, wat mer gär gehat hätten, war den - wat war et elo scho méi? - a jo, den Taux vun den Tester op d'Populatioun, wivill Tester gemaach ginn. Dat war am Fong e bëssen eise Combat, well et fir ons nach net wäit genuch geet an deem Sënn, wat zréckgehale ginn ass. Prinzipiell si mer justement déi, déi sech agesat hunn, dass dat muss méi alignéiert sinn, dass dat soll méi nuancéiert gemaach ginn.

An der Recommandatioun selwer sinn déi Iddie wuel dran, dass een déi gesamt Strategie vun de Länner soll a Consideratioun huelen. Mee déi Krittären, déi elo zréckgehale gi sinn, ginn eis am Fong nach net wäit genuch, fir wierklech e realistescht Bild vun der Situatioun ofzeginn. An do huet de Jean Asselborn bis zu Lescht probéiert, do nach e bësse méi erauszehuelen. Mee dat erkläert, wisou mer eis do e bësselchen, voilà, verhale gewisen hunn.

Nee, pardon, et ass deen zweeten Taux - ech hat hei esou gekrizelt, ech krut et net gelies - et ass d'Hospitalisatiounen an d'Mortalitéiten, den Taux de mortalité, deen eis och ganz wichteg war. Well deen ännert ganz staark vun engem Land zum aneren. Dat ass am Fong d'Endresultat. Et ass jo genau dat, wou et drëms geet. Wéi een Impakt huet dee Virus

letztendlech am Land? An dofir war et ons wichteg, dass déi och sollten awer mat eragespillt ginn. Do war awer eng gewësse Resistenz bei verschidde Länner.

Ech mengen ech hätt domadder d'Froe beäntwert.

**M. Fernand Etgen,** *Président.-* Merci fir elo mol. Elo de Gusty Graas.

**M. Marc Goergen** *(Piraten).-* Ech hat d'Fro zur Schwangerschaft.

**Mme Paulette Lenert,** *Ministre de la Santé.-* A jo, pardon, dat wollt ech dem Dokter Schmit d'Wuert weiderginn, fir zu deene vulnerabele Fraen.

**M. Fernand Etgen,** *Président.-* Fir d'éischt den Dokter Schmit.

**Dr Jean-Claude Schmit,** *Directeur de la Santé.-* Jo, also d'vulnerabel, also d'Fraen, d'schwanger Fraen, do ass dat lescht Wuert nach net geschwat. Wann een och kuckt an den Nopeschlänner. Et gi Länner, déi consideréieren d'Fraen, d'schwanger Fraen als vulnerabel, anerer net. De Conseil supérieur des maladies infectueuses hei zu Lëtzebuerg huet elo d'lescht Woch seng Positioun do geännert. Mir hate se am Ufank als net vulnerabel agestuuft. Elo hu mer se awer bei déi Vulnerabel dobäigeholl, éischter aus engem, ech géif soe Principe de précaution, well verschidden eenzel Fäll bekannt gi sinn, wou schwanger Fraen awer grouss Komplikatiounen hate wärend der Schwangerschaft.

Ech mengen, et ass och de Schoulsystem ugeschwat ginn, wou effektiv Fraen da vill a Kontakt si mat Kanner. Do ass et awer am Allgemengen esou, dass schwanger Fraen aus dem Schoulsystem souwisou relativ erausgeholl ginn, och wéinst anere Viruserkrankungen, also net nëmme wéinst dem Covid. Dat heescht, déi waren am Prinzip schonn ecartéiert vun der Aarbecht och virdrun.

**M. Fernand Etgen,** *Président.-* Da wier et elo um Gusty Graas.

**M. Gusty Graas** *(DP).-* Merci, Här President. Merci, Madamm Minister, fir déi vill Erklärungen, déi mer elo scho kruten.

Ech wollt nach eng Kéier drop zréckkommen op déi sougenannten Schlaange respektiv Stauen, déi sech jo elo an deene leschten Deeg respektiv Woche bemierkbar gemaach hunn, virun allem och viru private Laboratoiren. Dir hutt virdrun eng Erklärung ginn. Wann ech dat richteg verstanen hunn, datt do ganz vill Leit sech presentéieren, déi keng Ordonnance hunn. Dat kann een zwar och positiv gesinn. An zwar an deem Sënn, datt jo awer Leit selwer d'Initiativ huelen, fir sech testen ze loossen.

Meng Fro: Wat sinn dann d'Ursaachen, firwat datt déi Leit dat op sech huelen, datt se do relativ vill Zäit investéieren, datt se sech ouni Ordonnance teste loossen, wat jo och theoreetesch och nach heescht, datt se mussen dann den Test bezuelen. Et muss also schonn eng seriö Ursaach do ginn. Op den éischte Bléck géif ech, wéi gesot, nach eng Kéier awer mengen, wat sech awer méi Leit teste loossen, wat et jo awer net vun Nodeel wier.

Mer mussen awer vläicht och oppassen, wat fir e Message, datt mer elo erausginn un déi Leit, déi vu sech aus d'Initiativ huelen. Wéi kënne mer dat koordinéieren, wéi kënne mer dat kanaliséieren, datt déi Leit, déi wierklech gewëllt sinn, awer déi och an Zukunft d'Méiglechkeet kréien, wuelwëssend datt et natierlech och am Prakteschen net esou evident ass? Dir hutt virdrun hei - an ech fannen dat och ganz gutt - vum Drive-In geschwat, datt dat eng Méiglechkeet ass, fir dann déi Stauen ofzebauen. Mee wéi gi mer mat där Kategorie vu Leit ëm, déi da vu sech aus soen, ma ech gi mech elo teste loossen, ob ech eng Ordonnance hunn oder net? Merci.

**M. Fernand Etgen,** *Président.-* Da ginn ech d'Wuert elo direkt weider un den Här Marc Hansen.

**M. Marc Hansen** *(déi gréng).-* Jo, ech soe villmools Merci fir d'Wuert. Och merci fir d'Explikatiounen.

Ech géif dann och direkt nach eng Kéier bei den Drive-Innen anhaken. Also ech muss soen, dass ech dat wierklech eng gutt Initiativ fannen, well d'Problematik virun de Laboratoiren ass esou, dass eigentlech een d'Fluxen och net getrennt kritt. Dat heescht, engersäits sinn déi Patienten, déi Covidtester wëlle maachen, an anersäits sinn déi Patienten, déi déi normal Analyse wëlle maachen an déi deemno wéi och an engem Krankheetszoustand sinn, deenen et hinnen net erlaabt, fir länger Zäit dobaussen am Reen ze stoen oder an der Keelt ze stoen. An et ass extreem wichteg, déi Fluxen do getrennt ze kréien, dass déi Leit, déi hir normal Pathologië sollen ënnersiche loossen, och erëm zu enger convenabeler Zäit erëm an hir Analys kommen.

Dozou hätt ech dann awer eng Fro, ob mat de Laboratoiren och geschwat ginn ass, ob si sech net anescht och kéinten opstellen. Dat heescht, dat kascht bei hinnen och méi Personal. Ass dat Personal och do? Mee eebe fir getrennte Fluxen ze maachen, fir dat doten eeben och ze evitéieren. Bon, den Drive-In ass sécherlech eng Solutioun. Ech weess awer elo net, ob dat eng Solutioun ass fir iwwerall.

Dann hätt ech eng Fro zu de Schnelltester. Just vläicht kuerz, wéi fonctionéieren déi genau? Mussen do awer och an engem Labo déi Tester gemaach ginn? Wéi schnell kann een do d'Resultat kréien? Oder kann och en Dokter se an enger Praxis maachen?

Dann hätt ech eng Fro och zu de Spideeler. Dir sot, momentan si mer an der Phas 2. Wat sinn d'Krittären, fir an d'Phas 3 ze goen? Dat heescht, wéi wäit ewech si mer do vun der Phas 3? Ech hunn déi elo net méi am Kapp.

An dann eng Fro och mat de Spideeler. Et ass mer zougedroe ginn, dass verschidde Spideeler systematesch och Covidtester froe fir Leit, déi an d'Spideeler eraginn, dat heescht, déi dann zum Beispill mussen iergendeng Analys gemaach kréien, en Test gemaach kréien. An aner Spideeler froen dat net. Do wollt ech froen: Sinn do Diskussioune gewiescht mat der FHL, fir ze soen: Wéini soll een e Covidtest maache fir an d'Spidol eran oder wéini net? Well dat wier zum Beispill och vläicht eng Explikatioun, firwat esou vill Covidtester gemaach ginn. Merci.

**M. Fernand Etgen,** *Président.-* Da wier et um Marc Baum.

**M. Marc Baum** *(déi Lénk).-* Merci, Här President. Ech hätt och e puer Froe respektiv Bemierkungen op dat ugefaang, wat d'Martine Hansen als Alleréischt gesot huet, d'Fro vun den Netresidenten.

Gëschter a senger Deklaratioun zur Lag vun der Natioun huet de Premierminister d'Zuel genannt vun allen Tester, déi zu Lëtzebuerg gemaach gi sinn, Residenten an Netresidenten zesummen, soudatt ech mengen, datt mer wierklech als Chamber awer déi Zuel misste gewuer ginn. Mir hu jo d'Méiglechkeet hei e Huis clos auszeschwätzen an dann ass et d'individuell Responsabilitéit vun engem Deputéierten, wat e mat där Informatioun mécht, fir deem novollzéibare Wonsch, datt dat elo net onbedéngt wäit ausgeträppelt gëtt, fir deem gerecht ze ginn, awer gläichzäiteg, datt mir als Deputéierten awer zumindest wëssen, wat lass ass.

Dann hätt ech eng Fro. Gëschter och an deem selwechten État de la nation huet de Premier gesot, datt am Dezember e Vaccin do wier an datt deen awer just fir bestëmmte Beruffsgruppen oder Persounegruppe reservéiert wier. Do wéilt ech dann Iech froen - ech

menge mir hunn alleguerte gestaunt, wéi mer dat héieren hunn, och deen awer relativ noen Datum vun Dezember -, wou dat drun ass a wéi do am Moment den État des lieux ass an dann natierlech och wat d'Verdeelung ugeet. Well Dezember, dat ass a sechs, siwe Wochen.

Dann hätt ech eng Fro, wat d'Immunitéit ugeet. Dat heescht, d'Fro no Antikierpertester. Ginn et do Erkenntnisser wéi een Deel vun der Populatioun bis elo de Virus scho begéint hat? An domadder zesummenhängend, wéi een Deel vun der Populatioun schonn Antikierper géint de Virus opgebaut huet?

Dann hätt ech nach eng Fro zu de Schnelltester, déi elo kommen. Kënnt Der do vläicht nach méi Prezisioune ginn, wat elo déi Transitioun ugeet. Well, wann ech richteg verstanen hunn, ass et jo e bëssen eng Transitioun. Wann Der einfach vläicht e puer Erklärungen dozou kéint ginn an och wéi dat zäitlech kéint ausgesinn.

Dann hutt Der, wat dee legale Volet ugeet, vun „nettoyage de texte" geschwat. Ech hunn, mengen ech, entweeder net gutt opgepasst oder net matkritt: Wéini wëllt Der do mat enger Textpropos kommen?

Padon?

**Mme Paulette Lenert,** *Ministre de la Santé.-* E Méinden.

**M. Marc Baum** *(déi Lénk).-* E Méinden? Okay. Dat wier jo ganz féx. An der Rei.

An eng lescht Fro, wat insgesamt d'Teststrategie ugeet. Et gi jo verschidde Beruffsgruppen, déi opgrond vun hirem Status als Beruffsgrupp de „physical distancing" net mussen anhalen an och net de Mundschutz. An do hunn ech elo héieren, datt de Kulturministère eng Recommandatioun erausginn hätt, datt d'Produzente sollten duerfir suergen, datt an der Ekipp e Roulement ass, datt zumindest all Dag eng Persoun en Test mécht, datt wann eppes wier, dat och relativ séier kéint detektéiert ginn.

Duerch dee Fait hunn ech d'Chance elo all Woch eng Kéier getest ze ginn, wat ech als Chamberdeputéierten net hat. Ech mengen awer och, datt et zu Recht esou ass, well et ginn essentiel Beruffer an et gi vläicht manner essentiel Beruffer. Ma nee, duerfir d'Fro: Ginn et och aner Beruffsgruppen, wou esou Recommandatiounen u Patronen eventuell erausgaange sinn, wat quasi esou eng Mikroteststrategie ugeet? Merci.

**M. Fernand Etgen,** *Président.-* Merci. Ech mengen et wär e gudde Moment, fir der Ministesch d'Wuert zréckzeginn. An dann an engem nächste Jet kënnt dann de Jean-Marie Halsdorf, den André Bauler an d'Francine Closener. Madamm Ministesch.

**Mme Paulette Lenert,** *Ministre de la Santé.-* Jo, ganz kuerz. Ech huelen der e puer. Déi aner géif ech dem Dokter Schmit weiderginn.

Wou soll ech ufänken? Mat de Phasen. Et ass gefrot ginn d'Phas 1 op 2. Ech hunn deen Detail elo net dobäi. Mee dat ass ganz genau definéiert mat de Better, déi beluecht sinn. Den éischte Sockel war jo, wann et just am Service national ass an da geet et eriwwer. Mir hu laang diskutéiert, ob mer wierklech an der 2 scho sinn. Dat heescht, mir sinn neelech an der zweeter Phas. Also et ass nach wäit ewech vun der 3. Ech weess elo de Chiffer, muss ech éierlech soen, elo net auswenneg. Ech mengen de Jean-Claude Schmit och net. Mir kënnen dat awer en Dënschden nach eng Kéier, wa mer an der Kommissioun sinn, nach eng Kéier preziséieren.

Dann zu der Immunitéit. Do sinn d'Invitatiounen elo grad eraus. Dat heescht, dat ass nach e bësse verfréit. Do ass jo en zweete Badge, deen am Hierscht elo ugelaf ass. Mir haten en jo

eng Kéier ganz am Ufank iwwert déi Studie. An elo si mer um Stadium wou d'Invitatiounen erausginn. Dat heescht, dat dauert e bësselchen, ier mer do elo e Bild driwwer hunn.

Generell zu de Vaccinen. Mir hu säit Woche schonn en Aarbechtsgrupp lafen, deen dat natierlech préift - dat ass mat ganz vill Logistik - an deen amgaang ass drop ze schaffen, fir sech prett ze maachen. Éischtens emol wa mer bis wësse wéi eng Quantitéit kënnt, da wäerte mer eng Stratégie de distribution proposéieren, déi mer och duerch d'Regierung ginn dee Moment an natierlech Iech och presentéieren. Mee mir hunn déi am Moment nach net. Et gesäit aus, wéi wann dat effektiv eventuell scho kéint am Dezember éischter kommen. Mee et ass nach net ganz prezis. A virun allem wësse mer d'Quantitéiten net. Mee mir sinn natierlech amgaange schonn ze anticipéieren, eis ze preparéieren. Do kann den Dokter Schmit och vläicht e puer Wuert dozou soen nach.

Soss zu de Leit, déi natierlech ouni Ordonnance ginn. Ech muss och soen, prinzipiell fannen ech et och wouer, et ass éischter de virsiichtege Mënsch, wat jo gutt ass an dëser Situatioun. An et ass e ganz delikaten Exercice effektiv vun der Kommunikatioun hier, well een déi Leit net wëllt widder de Kapp stoussen. Mee et ass ganz oft iwwervirsiichteg halt. Zum Beispill, mir hunn et typesch, wann d'Quarantän ass, erkläre mer de Leit, et mécht am beschte Sënn, et ass am utilsten, Dir maacht deen Test de sechsten Dag, well dann d'Probabilitéit am héichsten ass. Awer ganz vill Leit maachen trotzdeem een direkt den éischten Dag oder se maachen direkt een, wa se a Kontakt ware mat engem Positiven, ier se kontaktéiert gi sinn.

Elo kann ee soen, et ass gutt. Et däerf een net - et ass wierklech delikat -, dass een net de Message gëtt „et ass Quatsch, maacht dat net“, mee et strapazéiert d'Kapazitéiten. A mir sinn iergendwou jo awer begrenzt. Mir probéieren eng Planung eranzekréien. Mee den Dokter Schmit kann do och soen, hien ass am Fong direkt an de Gespréicher mat de Laboen, wat do esou leeft.

Dann, bon, zu den Nonresidenten, ech kann Iech se, wa mer dat am Huis clos hei maachen, gäre soen.

*Huis clos*

Da géif ech vläicht dem Dokter Schmit d'Wuert gi fir zu den Tester, Schnelltester an esou weider.

**Dr Jean-Claude Schmit,** *Directeur de la Santé.-* Jo, just eng Remark fir d'Laboen. Effektiv mir sinn am konstanten Echange mat de Laboen. Mir hunn all Woch op d'mannst eng Telekonferenz, klassescherweis mëttwochs um zwou Auer, wou mer op déi eenzel Problemer aginn. Mir sinn eis bewosst, dass do Staue si virun de Laboen.

Mir hunn och schonn eng Rei Recommandatioune gemaach, och schrëftlech, wou mer hinne ganz kloer soen, wéi se d'Prioritéite solle setzen an hunn och schonn insistéiert op de Besoin vun der „séparation des flux“. Ech mengen dat ass essentiel. Net dass d'Leit sech an der Schlaang virun dem Labo eigentlech ustiechen. Dat ass jo dat, wat mer absolutt net wëllen. Dat schéngt awer iergendwéi schwiereg ëmzesetzen ze si mat de Laboen. Ech kucken dat herno um 14.00 Auer nach eng Kéier, wou do déi Problemer sinn.

Da war d'Fro iwwert d'Spideeler, firwat maache verschidde Spideeler systematesch Tester an anerer manner systematesch. Ech mengen do ass effektiv eng Diskussioun och gewiescht mat den eenzele Spideeler. Bon, all Spidol kann do seng eege Reegelen natierlech maachen. Mee et schéngt awer elo drop auszegoen, dass fir eng Hospitalisatioun systematesch Tester gefrot ginn, also virun enger Hospitalisatioun, déi programméiert ass natierlech. A fir ambulatoire Saachen, besonnesch wann et kleng Saache sinn, éischter keng Tester, eng Bluttanalys oder esou. Wann et elo méi invasiv Saache si wéi eng Endoscopie oder esou, sinn

effektiv verschidde Spideeler, déi och gären en Test hätten. Mir probéieren do eng gewësse Standardisatioun dran ze kréien.

Dann déi aner Saach, déi och ugeschwat ginn ass, dat ass Tester ouni Ordonnance. Jo, do muss een oppasse wéi ee kommunizéiert, ganz d'accord. Op där anerer Säit hu mer natierlech Leit, wou mer ganz kloer gesinn, wéi d'Madamm Ministesch erkläert huet, déi sech teste loossen zu engem Zäitpunkt, wou et eigentlech kee Sënn mécht (no engem Kontakt), wou ee keng Chance huet, e positiven Test schonn ze hunn.

Wat mer och ganz vill hunn, dat sinn Entreprisen, déi verlaange vun hiren Employéen, dass se beweisen, dass se negativ sinn, fir verschidden Aktivitéite kënnen ze maachen, fir zum Beispill no engem Isolemement kënnen zréckzekommen op de Büro, respektiv wa se verschidden Aktivitéiten an der Entreprise hunn, wou se méi mat anere Leit a Kontakt sinn, exigéiere se een Test.

An der Situatioun vum Fin d'isolement, sinn d'Recommandatioune vun eis ganz kloer. Et brauch ee keen negativen Test ze hunn no deenen zéng Deeg Isolement, fir zréckzegoen op d'Aarbecht. Dat ass och en accord mat deem, wat ECDC seet a wat d'OMS seet.

Nach eng Kéier, et si vill Entreprisen, déi dat verlaangen. Mir hunn och do scho Kontakter gehat mat der Union des entreprises luxembourgeoises, fir dat ze diskutéieren an esou Tester ze vermeiden. Dat mécht Point de vue Volume awer relativ vill aus.

Dann d'Schnelltester, déi sinn disponibel. Et ginn eng Rei Firmen, déi se ubidden. Mir kucken haaptsächlech déi zwee grouss Ubidder, dat ass Abbott a Roche, fir se net ze nennen, déi elo um Lëtzebuerger Marché sinn. Also d'Kitte sinn do. Ech weess och, dass déi véier akut Spideeler schonn déi Kitten hunn a se och ausprobéieren. Ech hat och schonn eng Kéier gesot, dass de Staatslabo géif eng Evaluatioun vun deenen Tester en parallèle maachen. Dat heescht, si kënnen agesat ginn.

Wien däerf se asetzen? Ganz kloer en Dokter, Infirmière, Laborantin natierlech evidenterweis an och d'Sage-femmen. Dat sinn eigentlech déi véier Gesondheetsberuffer, déi se kënnen asetzen. An déi kënne se och ausserhalb vun engem Spidol natierlech asetzen. Den Dokter kéint an enger Consultatioun, wann e wëllt, esou e Schnelltest maachen, oder eng Sage-femme, déi en Accouchement preparéiert, kann esou ee Schnelltest maachen. D'Resultater sinn an ongeféier 15 Minutten do.

De Problem vun deene Schnelltester ass d'Sensibilitéit natierlech, déi manner gutt ass wéi bei de PCR-Tester. An do gëtt et jo dat ganz berüümte Beispill, dat virun e puer Deeg geschitt ass an Amerika. D'Geschicht vum Rose Garden, wou alleguerten déi Leit, déi fir d'Presentatioun vun där neier Juge duerch de President Trump do invitéiert waren an de Rose Garden getest gi si mat engem Schnelltest, mat engem Abbott-Test, fir lech alles ze soen. Déi waren alleguerten negativ getest an déi sinn alleguerten an de Rose Garden erakomm. Si hu keng Masken ugedoen, si hu sech beholl wéi wann näischt wär. An Dir wësst jo, bon, de President war herno positiv, awer net nëmmen de President. Et war jo e ganze Cluster vu Leit, déi herno positiv waren.

Dat heescht, déi Schnelltester hunn och hir Limitten. Dat muss ee ganz kloer soen. An et muss een och ganz kloer soen, dass d'Firmen, déi se produzéieren, soen, et soll ee se bei symptomatesche Leit asetzen, fir eng schnell Diagnos ze maachen an net bei asymptomatesche Leit. Wat dann och d'Indicatioun natierlech limitéiert. Dat si souwuel d'Firmen, déi dat soen, mee och d'lescht Woch huet d'Haute autorité de santé a Frankräich eng Recommandatioun gemaach, déi och an déi Richtung geet.

Dat heescht, d'Utilitéit an den Asaz vun deenen Tester ass am Moment nach limitéiert, ka vläicht besser ginn iwwert déi nächst Wochen a Méint, wann déi Tester och evoluéieren. Mee et ass kee Wonnermëttel an et ass sécher kee Wonnermëttel, deen déi klassesch PCR-Tester wäerd komplett ersetzen.

**M. Fernand Etgen,** *Président.-* Merci, Dokter Schmit. Nächst Wuertmeldung fir de Jean-Marie Halsdorf vun där leschter Serie.

**M. Jean-Marie Halsdorf** *(CSV).-* D'Fro war an déi Richtung vun de Schnelltesten effektiv. Et war eriwwerkomm am Ufank, wéi wann déi nëmmen am Milieu hospitalier kéinte gemaach ginn. Ech kréien elo gesot, dass d'Dokteren, Infirmieren, Laborantinen an Sage-femmë kënne se maachen. Firwat gitt Der net de Generalisten esou vill Stéck? Dat wär vill méi einfach. Wann d'Leit bei e Generalist ginn, kéinte se getest ginn, wa se symptomatesch sinn. Dat fannen ech richteg, dass Der et esou maacht. Also ech géif do mengen, do misst een eng Ouverture maachen, da kéint ee vläicht nach, wéi géif ech soen, den Drock méi ewechkréie vun de Leit, déi géifen iwwer eng aner Filière dann, géife se da positiv ginn.

Duerfir ass meng Fro, an dat ass nach guer net gesot ginn: Wat sinn d'Clignotanten, wann Der elo eng Strategie hutt? Dat heescht, wat hutt Der Iech als Zuel gesat, wou mer mussen nees eventuell nei Moossnamen huelen, wann elo an deSpideeler esou vill Leit an de Better leien, esou vill Leit op de Reastatioune leien? Hutt Der do eng Strategie oder kuckt Der dat esou au fur et à mesure? Dat heescht, hutt Der Iech gesot: Voilà, wann elo 70 % oder 75 % oder 50 % vun de Reabetter si beluecht, fir dat gëtt dat gemaach, bei 75 % dat. Hutt Der do iergendeng eng Strategie?

Da wat d'Impfstoffen ugeet, do ass jo effektiv kann ech dat soe wat de Marc gesot huet, den Här Baum, vu wat de Premier gëschter gesot huet. Do hätt ech gär gewosst: Gëtt et do Quotaen? Wivill hu mir der zegutt? Gëtt et do schonn eppes? Hu mer eppes ënnerschriwwen? An dann, wann et esou ass, wéi gi se verdeelt?

Gi prioritär déi Leit - wat De awer och elo gesot hutt bei der Gripp -, gi prioritär déi vulnerabel Leit ginn déi fir d'éischt geimpft oder wien? An duerfir dann och déi Fro hannendrun. Bei der Gripp hutt Der jo gesot, déi vulnerabel géife prioritär gemaach ginn. Wéi ass do d'Strategie? Gëtt et do eng Strategie? Ech hunn nach näischt dovun héieren, wéi dat soll goen. An do héiert een nämlech effektiv vu Rupture-de-stocken. An dat weess ech och vu Kolleegen-Apdikter, déi dat gesot hunn. Duerfir hätt ech do gär gewosst, also éischtens, d'Strategie fir e Grippevaccin, zweetens, d'Strategie fir e Covidvaccin, wann en do ass.

An eng lescht Fro, déi mer och wichteg schéngt.

*Huis clos*

**M. Fernand Etgen,** *Président.-* Nächst Fro fir den André Bauler.

**M. André Bauler** *(DP).-* Jo, merci, Här President. Ech wëll net laang schwätzen. Ech wëll nach eng Kéier widderhuelen, wat meng Virgänger gesot hunn. Ech soen et awer gären nach eng Kéier. Ech krut nämlech gëschter - ech hunn elo just hei d'Mail gesicht - de Message aus dem Éislek, Klierf, Maarnech, wou d'Warteschleif da bis op dräi bis véier Stonne geet. Dat soen ech Iech elo net, fir Iech en décke Kapp ze maachen. Ech weess, dass dat do ënnert der Responsabilitéit vun de Privatlaboen ass. Mee wann Der do intervenéiert, den Dokter Schmit huet dat jo scho gesot, dann ëmsou besser. Well wann elo déi Saison kënnt, wou et richteg kal gëtt, hei war elo bei siwen, aacht Grad, da fänke mer u Problemer méi ze kréien, wéi mer der nach kënne gebrauchen.

Ech wollt och nach just soen, dass d'Leit dann nach gesot kréien, um 12.00 Auer: Elo kënnt Dir heemgoen, well mir mussen elo zoumaachen. Do muss ee sech eppes afale loossen a virun allem déi privat Laboen, well soss kréie mer, mengen ech, en Opstand. Ech wollt dat an alle rouege Wierder soen. Ech wollt och soen, datt mir do keng Question parlementaire stellen. Ech géif och meng Kolleege bieden, si maache wéi si wëllen, mee mir hunn dat jo elo hei diskutéiert an da musst Dir kucken, wéi mer dat am beschten an de Grëff kréien. Merci.

**M. Fernand Etgen,** *Président.-* Merci. Dat Lescht ass dat Bescht, an dat ass d'Francine Closener.

**Mme Francine Closener** *(LSAP).-* Jo, villmools merci. Ech hu just eng ganz kuerz Fro, an zwar ob d'Situatioun an de Schoule sech esou entwéckelt huet wéi Dir Iech dat virgestallt hutt. An och ob dee Stufemodell, ob dat fonctionéiert, ob Der do schonn eng éischt Analys dovunner gemaach hutt, vu dass Der sot, dass jo grad an där Alterstranche tëscht 15 an 29 Joer ganz vill Infektioune sinn. Sinn déi da wierklech erëm am private Kontext oder kann een awer soen, dass et och an der Schoul Clustere ginn? Merci.

**M. Fernand Etgen,** *Président.-* An d'Josée Lorsché nach. Dann ass dat dat Allerlescht an dat Allerbescht.

**Mme Josée Lorsché** *(déi gréng).-* Villmools merci, Här President. Ech hänke mech e bëssen un d'Fro vum Marc Baum, wat de Kultursecteur betrëfft. Stëmmt dat, dass de Santésministère eng Recommandatioun erausginn huet un d'Kulturhaiser, dass do misste Coviddelegéierten definéiert ginn? Oder ass dat éischter eng Initiativ vun hinne selwer, dass do Leit, déi a Produktioune matschaffen, gesot kréien, si wäre verantwortlech fir déi Reegelen? A falls, wäre si dann och schëlleg, wann déi Reegelen net agehale ginn, obscho se kee Statut hunn a kee Mandat, wat offiziell ass, fir dat dann och esou auszeféieren?

Duerfir menge mer, dass do misst Kloerheet geschafe ginn, dass net do Leit tëschent zwee Still geroden, déi eigentlech iwwerhaapt net befuugt sinn, fir Kontrollen ze maachen, awer déi Opträg kréie vu verschidden Acteuren an deem do Beräich. Dat huet näischt mam Kulturministère ze dinn, mee mat de Leit, déi do ënnerwee sinn an de Produktiounen.

**M. Fernand Etgen,** *Président.-* D'Madamm Ministesch.

**Mme Paulette Lenert,** *Ministre de la Santé.-* Okay. Vläicht ganz schnell. Esou wéi ech virdru gesot hunn, d'Strategie fir de Covidvaccin, mir hunn en Aarbechtsgrupp, dee leeft. Soubal mir méi Detailer hunn zu de Quantitéiten, wäerte mer eng Strategie proposéieren, fir d'éischt der Regierung an dann Iech natierlech och virstellen.

Wat elo d'Vaccinstrategie ugeet an och d'Disponibilitéit vu Grippevaccinen, géif ech fir mech elo op d'Question-parlementairë verweisen. Ech menge mir hunn dat beäntwert am Detail. Den Dokter Schmit kann awer vläicht nach drop agoen.

Indicateuren, dat ass dat, wat ech an der Introductioun gesot hunn. Ech mengen, eis Strategie besteet eebe justement doranner, dass mer en dagdeeglече Monitoring vu verschidden Indicateure maachen an dass mer eis net op d'Seuille festleeën. Mir sinn der Meenung, dass mer duerch deen enke Kontakt, dee mer mam Terrain hunn, vill méi eng granular Analys kënne maachen. Fir Iech elo e Beispill ze ginn: Wa mer soen am Tracing, wéini packt den Tracing et net méi? Dat hänkt net vun enger absolutter Zuel of. Dat hänkt natierlech och dovunner of, wivill Leit grad disponibel sinn. Wa mer elo - wat mer Gott sei Dank nach net haten, an ech paken Holz hunn -, mee stelle mer eis vir, mir hu muer e Cluster an eisem Tracing-Service oder et sinn immens vill Leit krank oder déi vun der Arméi kënnen net kommen, ass d'Aschätzung eng aner vun der Situatioun, wéi wa mer an deem Sënn wëssen, mir kréien et gepackt a mir hu Leit op Abruf.

Dat heescht, mir maachen dat wierklech dagdeeglech, wou mer eis quasi all Dag wierklech Input huele vum Terrain, fir ze kucken, wou sti mer, wou si mer. Dat ass jo e Stufemodell, ech mengen dee vun de Spideeler ass genau mat Phase chiffréiert, wat eis eng Indicatioun gëtt. Mee och do gi mer eis d'Fräiheet, wa mer elo géifen eng Kéier gesinn, d'Zuele ginn erop a mir kënnen dat erklären, duerch zum Beispill ee klore Cluster, deen an engem Altersheim war, ass dat anescht dramatesch wéi wa vun hott an har sech d'Spideeler nees fëllen. Dat heescht, mir sinn am Fong an enger Situatioun, wou mer duerch déi Proximitéit zum Terrain wierklech kënnen eng reng Analys maachen an am Fong net mussen eent zu eent op esou en Ampelsystem zréckgräifen, wou ee seet: Wann dat kënnt, da geschitt dat.

Mir probéieren dat ze evitéieren. Ech weess et ass schwéier. D'Leit hätten ëmmer gären eng Ampel a kloer Chifferen. Ech mengen ech brauch Iech net ze verstoppen, dass mat engem Schnëtt vun 200 Neiinfektiounen oder iwwer 200 Neiinfektiounen op 14 Deeg gekuckt, mir an héchster Alarmbereetschaft sinn. Dat ass kloer. Dat ass eng héich Zuel. Ech mengen dat gesäit een elo och mat deenen Zuelen, déi vun der EU virgi sinn. Mee mir evitéiere wierklech eis festzeleeën, well mer jo probéieren esou vill wéi méiglech Normalitéit ze erhalen.

Dat heescht, en Fonctioun vun deem, wat mer gesinn op eisen Indicateuren, strecke mer eis Käpp zesummen an da schätze mer dat an, andeems mer wierklech eebe vill méi granular kënne virgoe wéi dat vläicht an engem grousse Land de Fall ass, wou ee warscheinlech schonn e Mount brauch, ier een all déi Acteuren iergendwéi befrot hätt. Bei eis geet dat iwwer Telefon. Do kann dat ganz schnell goen an doduerch si mer wierklech och flexibel.

An da Schnelltester mat den Dokteren. Justement dee Règlement grand-ducal, dee mer an der Urgence elo de Moie geholl hunn, erlaabt, dass den Dokter kann deen Test maachen. Dat ass eebe justement och d'Iddi, fir dat kënnen dann an de Praxe bei de Generalisten ze maachen.

An zu de Schoulen, do kann ech Iech de Stand ginn. Do si mer entre-temps bei 93 Klassen op d'lescht Woch elo gekuckt, déi am Niveau 1 waren, 10 Klassen, déi op Niveau 2 sinn an nach keng am 3 fir de Moment. Dat heescht, dat ass iergendwou wierklech am Grëff. Dat schéngt nach ze fonctionéieren. Mir hunn elo kee gréissere Cluster.

Et sinn natierlech, wann insgesamt d'Neiinfektiounen eropginn, natierlech och méi Schüler, déi infizéiert sinn. Mee Stand gëschter, haut oder de leschte Stand op alle Fall kënne mer soen, dass elo nach net eppes ass, wat do aus dem Ruder geet. Et ass relativ iwwersiichtlech an, wéi gesot, nach keen Zenario 3, deen elo eng Transmission incontrollée wär an enger Schoul. Dat ass bis elo nach alles iergendwou anzedämmen. An dat war jo och Sënn an Zweck vun deem Stufeplang.

Soss, ech hat se effektiv scho virdru verdrängt, d'Fro beim Marc Baum effektiv vun der Kultur. Eises Wëssens no ass vun eis näischt esou erausgaang. Ech géif dat awer mat Virsiicht gesinn. Mir schaffen am Moment ganz vill an Delegatioun och. Mir géifen dat eng Kéier iwwerpréiwen, mee menges Wëssens an dem Dokter Schmit senges Wëssens no net. Wat awer elo vläicht net 100 % ausschléisst, dass eppes en délégation de signature elo erausgaangen ass, wat mir elo net direkt um Radar hunn. Mir kucken dat mat groussem Interessen no.

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- De Dokter Schmit huet d'Wuert, fir nach eppes bäizefügen.

**Dr Jean-Claude Schmit,** *Directeur de la Santé.*- Jo, also just fir de Vaccin Covid. Den éischte Produzent, mat deem mer via Europa verhandelen, dat ass AstraZeneca. Do hu mer 420.000 Dosen am Prinzip zegutt. Et sinn awer nach siwen oder aacht aner Produzenten am Pipeline do. Dat heescht, do kommen nach Saachen no.

Et war d'Fro iwwert de Vaccin Grippe. Do hu mer déi 55.000 éischt Dose krut. Déi sinn och opgebraucht, souwäit ech weess, an den Apdikten. Do kommen nach eng Kéier 30.000 Dosen elo am Oktober no. A mir als Staat hunn och 30.000 Dose kaaft zousätzlech, déi awer eréischt am Dezember kommen. Mir sinn och do nach mat engem weidere Produzent, engem däitsche Produzent a Verhandlung, deen zwar keng Autorisation de mise sur le marché zu Lëtzebuerg huet, mee awer eng an Däitschland, a wou mer kéinten eventuell en Deal fannen, dass mer och deen hei zu Lëtzebuerg da kéinten zouloossen. Da kréiche mer nach weider Dosen.

Mee dat ass e Problem. D'Prioritéite si ganz kloer. Vulnerabel fir d'éischt. Duerno d'Professions de santé, well déi sinn am Kontakt, am enke Kontakt mat de Vulnerabelen. An drëtt Kategorie alleguerten déi aner.

Kontakt mat Grande Région. Do hu mer all Dag Kontakt op d'mannst via E-Mail, awer och heiansdo via Videokonferenz mam ARS Grand Est. Mat dem Saarland, do si sechs Landeskreesser, déi all Kéiers e Gesondheetsamt hunn. A mat Rheinland-Pfalz mat deenen dräi Landeskreesser, déi u Lëtzebuerg grenzen. De Problem ass e bëssen d'Belsch, den Echange mat der Belsch. Déi hunn eng Agence, déi heescht Agence pour une vie de qualité, AVIQ heescht déi, déi ass zu Charleroi an déi ass e bëssen ënnerbesat a Personal. Do ass den Echange net esou fléissend wéi mat deenen anere Länner.

An ech mengen domat hunn ech den Tour gemaach.

**M. Fernand Etgen,** *Président.*- Merci villmools, Dokter Schmit. Merci villmools, Madamm Gesondheetsministesch, fir Är Disponibilitéit.

Ech wënschen Iech alleguer ee gudden Appetit. « Au plaisir de vous revoir. »

Luxembourg, le 24 novembre 2020

Le Secrétaire général,
Laurent Scheeck

Le Président de la Chambre des Députés,
Fernand Etgen

Le Président de la Commission de la Santé et des Sports,
Mars Di Bartolomeo